

SYN- ER- GIE

39

NOVEMBER 2016


MAGAZINE RÉGIONAL D'INFORMATION ATERT-WARK

ARTOUR
YOUTH2SING
REIDENER JUGENDTREFF
LEADER
BEKI REGIONAL AKAFEN
OP DER SCHOCK
USELDANGE
KOMM SPUER MAT
KLIMAPAKT
MAISON DE L'EAU
CUBE 521
VUN DER ATERT



Syndicat Intercommunal
"De Reidener Kanton"

FROID DEHORS, CHAUD DEDANS.



Fournisseur de chaleur, TOTAL Luxembourg vous garantit une livraison de mazout de qualité en 48h maxi*!

Pour commander, connectez-vous 24h/24 et 7j/7 sur www.mazout-online.lu ou contactez-nous au numéro gratuit: 8002-6060

*À partir de la date de la commande, hors week-end.

www.mazout-online.lu



TOTAL
COMMITTED TO BETTER ENERGY

SOMMAIRE



4 **ARTOUR!
MOI & MA RÉGION**

7 **YOUTH2SING
CHOUERGESANK
RELOADED AM
RÉIDENER KANTON!**



10 **LEADER-STRATEGIE
ATERT-WARK 2014-2020**

12 **REGIONAL AKAFEN**



14 **TEA-TIME AN DER
WUNNSTRUKTUR
ZU MÄERZEG**

16 **1,2,3 GO TO USELDANGE!**

20 **KANNERWONSCHBAM**

22 **WÉI VILL SCHRËTT
MAACHT DIR AM DAG?**



24 **BIO VUN HEI!**



25 **4,5 HA FIR D'KOOPERATIV
VUN DER ATERT!**

26 **INFO-TREFFEN MAT DE
BETRIBER AUS EISEM
KANTON**

28 **RUFF KSM**



30 **GEDOLD ASS DE
SCHLËSSEL ZUM
ERFOLLEG ...
EIS WISE BLÉIEN OP**



34 **CUBE 521**



36 **AGENDA**

IMPRESSUM

**RÉDACTION, DIRECTION ARTISTIQUE,
ILLUSTRATION, MISE EN PAGE &
SUIVI DE PRODUCTION**
Art & Wise s.à r.l.

EDITEUR RESPONSABLE
Art & Wise s.à r.l.

IMPRESSION
Imprimerie Reka s.a.
Imprimé sur papier Cocoon Offset
100% recyclé

RENSEIGNEMENTS & RÉSERVATIONS
T +352 23 62 43-20 - F +352 23 62 43-29
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction,
intégrale ou partielle, est strictement interdite sans
autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

Prochaine parution: février 2017
Clôture annonce: mi-janvier 2017
Tirage: 10.250 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal du Réidener Kanton, le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs



Fonds européen agricole pour le développement rural:
l'Europe investit dans les zones rurales.





ARTour! MOI & MA RÉGION

Nouveau projet transnational pour les jeunes de la région Atert-Wark. Sachant que la culture est difficilement accessible dans certaines zones, nous envisageons d'amener la culture et les espaces de rencontres dans nos régions.

Notre but au travers de ce projet est de permettre aux jeunes d'avoir un accès à tout ce qui touche à la culture et ceci près de chez eux!

Comment? Nous allons d'abord travailler sur des ateliers qui se dérouleront dans notre région. Nous proposerons aux jeunes des ateliers musique, arts, théâtre, sculpture, ... Les jeunes auront l'occasion de s'exprimer dans ces ateliers sur des thèmes précis (l'environnement, la solidarité, la ruralité, ...). L'idée est de

permettre de partager la culture sans être obligé de s'éloigner des villages et des lieux de vie.

Le but sera de créer des scènes ouvertes dans différents endroits (villes, villages,...). Ces scènes seront des endroits où les jeunes pourront se produire et exposer leurs réalisations. On envisage également de créer des événements qui mobiliseront la population locale, mise en place de mini-festivals, ... Ceci permettra la rencontre de différents styles musicaux et artistiques.



REIDENER
JUGENDTREFF



REIDENER JUGENDTREFF

MAISON DE JEUNES DE REDANGE

1, rue de Niederpallen | L-8510 Redange

T +352 23 62 05 09 | F +352 23 62 09 85

martine@mjredange.lu | maite@mjredange.lu



Fonds européen agricole pour le développement rural.
L'Europe investit dans les zones rurales.

Nous aimerions créer une dynamique active dans les villages afin de motiver la population locale.

Pour mettre en oeuvre notre projet, nous allons travailler avec différents partenaires européens ceci, pour permettre des échanges de bonnes pratiques.

Nos partenaires sur ce projet sont la France (Pays de Brocéliande en Bretagne), l'Allemagne (Wartburg région Thuringe) et la Finlande (Joensuu région Carélie du Nord).

Moi et ma région

Chaque partenaire réalisera des activités locales durant une année. Les activités seront basées sur la culture dans chaque pays.

Ces activités locales donneront lieu à un échange entre tous les partenaires chaque année. Nous accueillerons donc tous les jeunes européens fin juillet 2017 sur le thème de la culture et de la richesse de nos régions. Les jeunes seront ensuite accueillis chaque année dans un pays différent.

Ces échanges permettent d'apprendre énormément des autres, ils permettent aussi de faire des rencontres et des découvertes très intéressantes pour tout le monde.

Le fait de pouvoir prendre connaissance des approches artistiques des autres partenaires nous permettra de développer des techniques artistiques différentes dans notre propre région.

Ce type de projet demande beaucoup d'investissement de la part des jeunes car les activités locales sont dispersées sur une année.

Par contre, nous connaissons le potentiel extrêmement positif des échanges, car nous avons déjà pu réaliser ce type de projet.

S'investir sur du long terme pour les jeunes n'est pas toujours quelque chose de facile, mais lorsque les résultats sont à la hauteur de leurs attentes, c'est très souvent une réussite.

Les jeunes sortent grands de ce type de projet, car ils apprennent énormément de ces échanges.

Les apprentissages se font sur le terrain, mais également entre les participants.

La dynamique de ce type de projet est souvent très positive et enrichissante.

Un calendrier des activités locales sera disponible à la Maison de Jeunes dès janvier 2017, ... Tous les jeunes sont les bienvenus!

Intéressé(e)?

Contactez vite la Maison de Jeunes de Redange.



REIDENER JUGENDTREFF
MAISON DE JEUNES DE REDANGE
1, rue de Niederpallen | L-8510 Redange
T +352 23 62 05 09 | F +352 23 62 09 85
martine@mjredange.lu | maite@mjredange.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Pêche et de la
Protection des consommateurs
Fonds européen agricole pour le développement rural:
L'Europe investit dans les zones rurales.





YOUTH2SING

CHOUERGESANK RELOADED


AM RÉIDENER KANTON!



A ville Veräiner héiert een oft déi selwecht Klo: Et feelt u Nowuess. Dat géllt och fir d'Chéier a Kierchechéier an eisen Dierfer. Wat bleift dann am Réidener Kanton un Alternative fir déi, déi interesséiert wiere fir ze sangen? Gëtt et iwwerhaupt eng Chouerszene bei eis, déi sech drëm beméit fir genee déi Zilgrupp unzelackelen? Ouni den éischten obligatoresche Passage duerch de Solfège? Derbäi kënt och nach de Fakt, dat hautzedaags gäre béid Eltere schaffen, deemno hir Kanner d'Fräizäit an de Crèchen oder an de Maisons Relais verbréngen. Dat mécht d'Saach nitt méi einfach. Awer nitt onméiglech.



inecc
LUXEMBOURG



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Pêche et de la
Protection des consommateurs

Fonds européen agricole pour le développement rural:
L'Europe investit dans les zones rurales.

A wann een hei am Kanton géif nei Weeër aschloen, eng Grondlag schafen, wou Kanner a Jugendlecher sech begéinen, fir zesummen ze sangen, an zwar déi Lidder déi se selwer och gärten héieren a kee programméierte Repertoire, dee se nitt interesséiert?

Mat där Viraussetzung hunn sech verschidde Käpp zesumme gestreckt fir no Léisungen ze sichen. Doraus ass eng begeeschtert Zesummenaarbecht entstanen tëscht dem Pius Verband (Albert Brauch), der Ineec Lëtzebuerg (Camille Kerger/Andy Loor), der Réidener Museksschoul (Ulric Berg), dem Réidener Lycée (Daniel Balthasar), an de Réidener Jugendtreff (Steve Watry) esou wéi och mat de Maisons Relais aus de verschiddene Gemengen. Esou ass dann och e Leader-Projet doraus entstanen, déi elo Enn Oktober vum Comité ugeholl gouf, deemno: Sing it out loud!



Zilgruppen

Pop4Kids – Vun der Spillschoul bis bei d'Grondschoul

Pop4Teens – Teenager vu 14 Joer un

Musicals4Teens – Teenager vu 16 Joer un

Zil

An engem Zäitraum vun 3 Joer soll iwwert de Wee vun enger ugepasster an interessanter Programmgestaltung, esou wéi och duerch d'Intervention vu professionnelle Kënschtler, eisen Nowuess nohalteg fir d'Sangen am Chouer begeeschtert ginn.

Pop4Kids

Elo scho proposéiert d'Reidener Museksschoul musikalesch Aféierungen an de Maisons Relais'en fir Loscht op de Gesang ze machen. Déi nächst Etappe ass d'Zesummefeierung vun de Kanner, déi schon do matgemaacht hunn. Eng spezialiséiert Léierin leed während der dräijäregger Lafzäit vum Projet 5 mol 1 Workshop zu jee 12 wöchentliche Prouweeneehte vu jee weils enger Stonn. Hiert Ziel ass mat de Kanner e Repertoire op d'Been ze stellen an der Hoffnung dat d'Kanner och duerno weidermaachen a sech eventuell an engem Veräin aschreiwten.

Pop4Teens

Duerch d'Zesummenaarbecht vum Réidener Lycée an dem Réidener Jugendtreff, gëtt et dem Teenager vu 14 Joer un erméiglecht, u 5 Workshop'en vu jee weils 12 wöchentliche Prouweneneehte vun 1½ Stonn deelzehuelen. Och déi verdeelen sech op den 3 Joere vum Projet an erlaben éischt Erfahrungs mam moderne Chouergesang. Well gewosst ass, dat grad deen Alter spronghaft ass, muss de Jugendlechen sech nitt fir all Workshop engagéieren a kann sech een eraussichen oder awer och bei alle matmaachen.

Gecoacht a musikalesch begleet vu professionnelle Kënschtler, gi se aktiv, als Sänger, mat där Musek konfrontéiert, déi se passiv, als Fan, lauschteren.

Och hei ass et d'Zil fir e regionale Jugendchouer zu forméieren, dee motivéiert fir herno op Veräinsbasis virun ze fueren.

Musicals4Teens

Hei gi jugendlech Sänger vu 16 Joer un ugesprach, déi sech fir de Sologesang interesséieren an d'Musical-Repertoiren ausprobéieren wëllen. Proposéiert gëtt en intensive Musicalworkshop vu 4 Deeg, dat 1 mol d'Joer während 3 Joeren.

Mat Professionellen aus dem Beräich (Stimmbildner, Gesangslehrer, Dramaturgen, Choreographen) kréien se en individuelle Kur am Sologesang a Schauspill, esou wéi och Gruppenunterricht a Musekdramatik, Danz an Ensemblegesang. Donieft kréien se e Virtrag an e méi déiwen Abléck an d'Geschicht vum Musical.

D'Zilsetzung vun dësem Workshop ass et fir besonnesch talentéiert Sänger, Schauspiller an d'Dänzer z'entdecken an hinnen eng adequat Fërderung zoukommen ze looszen.



Youth2sing = Pop4Kids + Pop4Teens + Musicals4Teens

Um Enn vun de 5 resp. 3 Workshope vun de jeeweilege Projeten ass e groussen Ofschlossconcert virgesinn. Hei gëllt et dann ze weisen, wat an de leschten 3 Jore geleescht ginn ass. Dat soll richteg grouss opgezu ginn, mat Orchester, Liicht-, an Tountechnik.

Eng Tëschebilanz nom éischte Joer erlaabt eventuell noutwendeg Upassungen. Donieft sollen an der Zäit och eis Gesangsveräiner mat-agebonne ginn. Dat erlaabt hinnen de Projet vu no z'observéieren a sech matanzebréngen.

Vernetzung

Mir hu mam Projet Youth2Sing eng Vernetzung op 2, wann nitt esouguer 3 Niveauen:

Initial entsteet e Netzwiirk tëschent der regionaler Museksschoul, de Schoulen an de Betreuungsrichtungen. Dat versprécht d'Entstoe vun attraktive Synergieeffekter, wann ee bedenkt, dat des Arichtungen a verschidden Aufgabebereicher sech eng gemeinsam Clientèle deelt.

Mat deem Leader-Projet vernetzen sech och d'Inecc, de Pius Verband, d'Réidener Museksschoul, de Réidener Lycée, de Réidener Jugendtreff, d'Chéier an d'Veräiner aus der Regioun – eng Erfahrung déi et erlaabt Erkenntnisser ze kréie fir gemeinsam nei Generatioune fir sech ze gewinnen.

Zu gudder Läscht vernetzen sech d'Kanner an d'Jugendlecher erëm nei. Zesumme sängen heescht och sech nei kennen-, a schätze léieren. A wann ee weess, an dat ass neurologesch bewisen, dat sange glécklech, schlau a gesond mécht, kann d'Participatioun nëmme vu Virdeel sinn.



Dir sidd interesséiert?

Pop4Kids: Gratis

Pop4Teens: 50 € pro Workshop

Musicals4Teens: 120 € pro Workshop

Meld lech beim Inecc: T +352 26 43 04 81 oder an der

Museksschoul vum Réidener Kanton: T +352 23 62 08 76

Envisagéierten Zäitraum

Mäerz-Mee 2017

1. Phase vum Projet Pop-Chouer

Juni 2017:

Musicalworkshop

September-Dezember 2017

2. Phase vum Projet Pop-Chouer

Januar - Abrëll 2018

3. Phase vum Projet Pop-Chouer

Mëtt 2018

Musicalworkshop

September-Dezember 2018


4. Phase vum Projet Pop-Chouer

Januar-April 2019

5. Phase vum Pop-Chouer

Mëtt 2019:

Musicalworkshop



Fonds européen agricole pour le développement rural. L'Europe investit dans les zones rurales.



LEADER-STRATEGIE ATERT-WARK 2014-2020

Offiziell Präsentatioun vun der LEADER-Strategie Atert-Wark zu Randschelt an der Thillenvogtei



De Präsident Gérard ANZIA a LEADER-Manager Fons JACQUES bei der Aféierung



D'Scheier zu Randschelt waar gut geféllt



Nuets-Stëmmung vu bausen



Den "Entertainer" Christian SCHMIT konnt als "Schoulmeeschter" déi eenzel Akteuren an d'Bänken no vir ruffen fir hir Projetsiddien virzestellen ...



BUREAU LEADER ATERT-WARK
34, Grand-Rue | L-8510 Redange
T +352 23 62 24 90 | F +352 23 62 04 28
aw@leader.lu | aw.leader.lu



Fonds européen agricole pour le développement rural:
l'Europe investit dans les zones rurales.

De **Beräich Wirtschaft & Energie & Mobilitéit** mam *Marco REISER* (Regional Vermaartungsplattform fir Déngschtleeschungen a Produkter), *Ingrid VAN DER KLEY* (Solidaresch Landwirtschaft), *Katy FOX* (Nohalteg wirtschaften a liewen), *Marc NEU* (Weiderentwécklung vum Regionalgeld Beki), *Caroline SCHMIT* (Regional Mobilitéitszenträl)



De **Beräich Tourismus** mam *Gérard ANZIA* (Entwécklungsusetz fir nohaltegen Tourismus an der Region Atert-Wark), *Julia SCHRELL* (Slow Tourism Projet Cult.Trips), *Tom FABER* (Office régional de tourisme Centre-Ouest)



De *Minister Fernand ETGEN* ass gefuerdert...



De **Beräich Soziales** mam *Raoul SCHAAF* (Office Social Réidener Kanton – Projet Label fir Cafészëmmeren), *Martine THIELMANN* (Jugendprojet'en)...



... *Nicole FISCH* (op der Schock asbl: Thema Inklusioun an Tourismus), *Jean-Marie GOVAERTS* (Autisme Beckerich mat Iddien fir regionalen Archivage)



De **Beräich Kultur** mam *Gerry MANDERSCHEIT* (pädagogischen Mëttelalterchantier), *Albert BRAUCH* (Jugend gewannen fir Chouer-gesank)...



... *Jean FERBER* (Eisen Duerfpatrimoine erhaalen), *Elisabeth KUGENER-NEY* (nei Konzepter fir de Musée Thillenvogtei)



REGIONAL AKAFEN

Ären handlechen Akafs-Guide fir de Réidener Kanton.

Wéi laang ass d'Bank op? Huet de Bäcker och Samschdes op? A wéi ee Restaurant kann ech Méindes iesse goen? Kann ech no der Aarbecht nach bei de Coiffer? Kréien ech hei am Eck d'Material fir meng Molcours'en a wou kann ech Geméis direkt vum Produzent kafen?


E Bléck an di nei Beki Brochure an d'Äntwert ass séier fonnt! Am praktesche klenge Format kann een se ëmmer derbäi hunn, an der Posch, am Auto, etc..

Wéi mir d'Brochure gemaach hunn, war et eis wichteg och ze weisen, wien hannert deene Betriber steet. Dofir ass et net eng Brochure mat Logoën, mä mat ville Gesichter. Der Anonymitéit vum Onlineshopping wëlle mir de mënschleche Kontakt entgéint stellen. Den direkte Kontakt, Vertrauen an Transparenz maachen eist Zesummeliewen aus, och beim Akafen.

Op all de Plazen déi an dëser Brochure opgelëscht sinn, kann ee mam Regionalgeld Beki bezuelen. A well een nach ëmmer fir 100 Euro 103 Beki kréie kann, kann ee bei dëse Betriber 3 Prozent op sengen Akeef spueren! Wie mam Beki bezilt, suergt ausserdeem derfir, dass duerno weider an der Regioun akaf gëtt. An esou hëlleft een deem aneren, eng villfälteg Offer an eiser Regioun ze erhalen.

Entdeckt mam Beki di sëllechen Akafsméiglechkeeten an Ärer Regioun! Kaf Kraaft fir d'Regioun!

Eng permanent aktualiséiert Lëscht mat de Betriber bei deenen Dir mat Beki bezuele kënt fannt Dir op www.beki.lu an der Rubrick "Akafen".



Regional Akafen

Le guide d'achat pratique pour le canton de Redange

Est-ce que la banque est encore ouverte? Le boulanger est-il ouvert le samedi? Dans quel restaurant est-ce que je peux aller manger le lundi? Puis-je encore aller chez le coiffeur après le travail? Puis-je acheter le matériel pour mes cours de dessin ici dans le coin? Et où puis-je acheter des légumes directement du producteur?

Un bref regard dans la nouvelle brochure beki et la réponse est vite trouvée! Le petit format maniable permet de l'avoir toujours avec soi, dans son sac, sa voiture, etc.

Puisqu'il nous était important de montrer qui se trouve derrière ces entreprises, notre brochure dévoile leurs visages au lieu de les représenter par des logos. Par cette initiative, nous cherchons à appliquer notre philosophie du contact humain à travers les achats régionaux. Le contact direct, la confiance et la transparence font la recette de notre vivre-ensemble.

Vous pouvez à chaque endroit présenté dans cette brochure, payer en monnaie régionale beki. Et comme un échange de 100 euros peut apporter 103 bekis, on peut gagner 3 pourcents sur ses achats. De plus, qui paye en beki veille et participe au circuit des achats régionaux. En conséquent, l'entraide de diverses entreprises et acheteurs se met d'avantage en place, préservant donc diverses offres et produits dans notre région.

Avec le beki, découvrez les multiples possibilités d'achat de la région. Découvrez le pouvoir de l'achat.

Une liste actualisée régulièrement des entreprises acceptant le beki se trouve sur www.beki.lu.



DE KÄR A.S.B.L.

103, Huewelerstrooss | L-8521 Beckerich
T 23 62 21 847 | T 691 888 295
info@beki.lu | www.beki.lu



De S.I. Réidener Kanton
ënnerstëtzt de Beki.

STROUM & GAS

MAT DÉI GËNSCHTEGST TARIFFER!

WIESSELT ELO ONLINE OP EIDA.LU

eida

ENERGY REVOLT 2006 > 2016

MERCI FIR ÄERT VERTRAUEN, SCHÉI FEIERDEEG AN E GUDDE RUTSCH!



EcoPrêt

Vos économies d'énergie récompensées

Pour vos projets de rénovation et de mobilité écologiques, profitez de conditions de financement exceptionnelles !

Toutes les infos et conditions sur www.bcee.lu/ecopret ou en agence BCEE.



SPUERKEESS

Äert Liewen. Är Bank.

Banque et Caisse d'Épargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775
www.bcee.lu tél. (+352) 4015-1

TEA-TIME AN DER WUNNSTRUKTUR ZU MÄERZEG

Mäi perséinlechen Erfahrungsbericht

Méindes no menger Aarbecht bei Op der Schock (Chargée de Communication) hunn ech mech op de Wee gemaach op Mäerzeg an déi nei Wunnstruktur. Ech hat mat de Bewunner e RDV ausgemaach fir bei hinnen doheem eng Taass Téi drénken ze kommen. Wuel hu mir de Projet geplangt an organiséiert, awer elo schlussendlech wou alles steet a bewunnt ass, wor ech nach nit do. Verschidde Bewunner kennen ech vun der Aarbecht, well en Deel vun hinnen an engem vun eisen Ateliere schaffen. A well ech nit wäit vun der neier Wunnstruktur wunnen, hu mir eng Tea-Time virgesinn. Mir si jo quasi Noperen.

Mir sinn zäitgläich um Site vun der Wunnstruktur ukomm, ech mat mengem Auto, an si all zesumme mat engem Bus. All hunn si e Schaffdag hannert sech, di eng an engem Atelier Protégé, déi aner, déi op méi Hëllef an hirem Alldag ugewise sinn, kommen aus enger vun der Activité du Jour. Frou datt de Feierowend elo endlech do war, si mir alleguer zesummen an hiert neit Haus getrëppelt. D'Laun war monter; ech si ganz häerzlech begréisst a léif gedréckt ginn, an et hu mech och ganz séier vill Froe begleet: "Wat méchs du hei?", "Wunns du och hei?", "Kann ech dir meng Kummer weisen?".

Dat éischt um Programm war awer mol wéi an all doheem: d'Schong aus an d'Schlappen un! Et huet e bësse gedauert bis jiddereen seng Jackett aus hat, an och di richtig Plaz fonnt hat fir alles opzehänken, mee dat Ganzt ass vun engem frëndleche Gespräch begleet ginn. An der Garderobe huet jiddereen seng Foto bei sengem Schaf, sou dass och di Allermeescht sech selbststänneg konnten organiséieren. D'Iddi mat der Foto an der Garderobe hunn ech mir direkt notéiert! An engem Haushalt mat klenge Kanner ass dat ee gudden Tipp! An ech muss soen, d'Equipe hat och ee flotten Teamgeescht, wëll et ass sech ënnertenee gutt gehollef ginn.

Am lessraum war den Dësch fir eisen Tea-Time scho gedeckt. Um 16:30 Auer steet Uebst um Programm, a mir hunn eis mat Genoss un deem deelweis preparéierten Uebst zerwéiert. Ech hat, wéi dat sech gehéiert, och eppes Klenges matbruecht, also si mir och nach mat Cookies verwinnt ginn. Di nächst 30 Minutten hu mir eis géigesäiteg erzielt wéi eisen Dag esou war a wat nach fir de Rescht vum Owend um Programm stoung. Mir souze ganz gemittlech zesummen; et war flott kee Radio a keng Tëlee ze héieren déi d'Gespräch gestéiert



hätten. Esou misst et och bei mir doheem méi oft sinn. Einfach mol erëm doheem braddelen iwwert den Dag, all zesumme ronderëm den Dësch. Dat deet gutt!

De Renner an der Aktivitéit virum an nom Owesiesse war d'Molen. E ganz grouse Schaf mat Spiller ass och direkt bei Hand. D'Spill Uno, sécherlech bekannt a ganz ville Familljen, steet ganz uewen op der Lëscht vu Lieblingsbeschäftigungen. Virun der Fräizäitaktivitéit gëtt awer nach zesummen ofgeraumt, wéi et sech gehéiert an enger Famill! Ech war immens frou dass ech invitéiert gi si vun 2 Bewunner hir Kummer kucken ze goen. Si waren och houfreg mir hiert d'Räich ze weisen. Wou si och ganz frou doriwwer waren, ass datt si

Op der Schock

OP DER SCHOCK ASBL ET SC

34a, Route de Reichlange | L-8508 Redange
T +352 26 62 93-1 | info@ods.lu

www.ods.lu | facebook.com/opderschock



Zesumme
gi mir méi wäit



selwer konnte matbestëmme wéi hiert Zëmmer ageriicht gouf. Esou hat zum Beispill eng Persoun ee Büro matbruecht. Soss hu vill Fotoen a Petzien, wéi bei ganz ville Jugendlecher, d'Zëmmer dekoréiert.

Éier et Zäit war fir heem ze goen, hunn ech och nach d'Buedzëmmer gewise kritt, vun engem Matbewunner deen net esou frou war fir owes an d'Bidde ze goen. Ech krut gewisen datt jidderee säi Schaf fir seng Saachen hätt, an d'Vesprieche vun enger gudder Kappmassage huet d'Motivatioun fir an d'Bidde ze goen och gesteigert.

De Moment fir heem war do. Beim Äddi soe sinn ech mir awer dunn iwwert d'Veantwortung an och de Stress vum Job vum Be-

gleeder bewosst ginn. lesse preparéiere während ee probéiert u Gespräicher deelzehuelen, a gläichzäiteg Matbewunner an d'Aktivitéit vum Kache matanzebannen ass net einfach. Do dertëschtent gëtt och nach ee beim Besuch an d'Buedzëmmer ënnerstëtzt. Do kéint een mol gären an d'Schweesse kommen, besonnesch wann och nach Besuch do ass. Mee nee, d'Begleeder si roueg bliwwen an haten alles ënner Kontroll.

Tea-Time an der Wunnstruktur zu Mäerzeg. Dat wor eng super Saach an déi wäert ech sécherlech widerhuelen.

Charlotte Reuter

Op der Schock

ADVENTSVERKAF

Samschdes, den 26. November 2016 vun 10 bis 17 Auer

Stëmmt lech zesummen mat eis op d'Chrëschtzäit an, mat Glühwäin, Käschen a villes méi.



Eise Menu, integral mat regionaler Wuer zoubereed:

- 1) Paschtéit, Fritten an Zalot (19€)
- 2) Ragoût vum Wëllschwäin, selwer agemaachte Bieren, roude Kabëss a Spelz Spätzle vum Séi (21€)

En hausgemaachten Dessert ass am Präis mat dran!

Umeldungen fir de Menu ginn bis den 21. November ugeholl.

Services pour personnes en situation de handicap mental

34A, route de Reichlange, L-8508 Redange/Attert

26 62 93-1 / info@ods.lu

www.ods.lu

*Et spillt de
Saxophon Ensemble
vun der Réidener
Museksschoul*

Zesumme
gi mir méi wäit

1,2,3 GO TO USELDANGE!

Wéi a villen anere Gemengen och am Kanton, wunnen eng Jett Bierger hei, déi awer an der Stad schaffen. Vill Stau, Stress & soss Suergen déi alles anescht ewéi komfortabel sinn. D'Gemenge si gefuerdert Léisungen ze fannen.



An dem Kontext huet sech d'Gemeng Useldeng **3 gross Prioritéite** gesat:

1. **Soziale Wunnraum schafen**
2. **Äerbechtsplazen halen, respektiv schafen**
3. **Tourismus ukierbelen**

Wat den Tourismus ugeet, do fluppt et zolitt. Mä wat déi Useldenger do genee maachen, verode mir lech an enger nächster Editioun. Wat déi 2 aner Punkte betreffen ass een och zerguttst virukomm.

Mam Gedanken fir d'Wunnen mam Schaffe besser ze kombinieren, sinn eng Parti Neigkeeten entstaanen, esou wéi d'Entstoë vun enger Epicierie a vun enger Crèche an engem Gemengegebei matzen am Duerf. Dat wor 2014. 3 Sozialwunnéngen vun der Gemeng esou wéi och e gréissere Projet mam Fond de Logement sinn um Rullen an dierften elo och nitt méi allezevill laang op sech waarde loossen. Souzesoë sinn deemno Punkt 1 an 3 gebongt.

Komme mer zum Punkt 2: Aerbechtsplazen halen, respektiv schafen. Do ass een Unhaltspunkt fir ze kucken wat ee mat den eidele Gebaier am Duerfkär ufänkt oder bestehend Gebaier vun der Gemeng besser notze kann? Esou koum et, dat déi al Schoul an d'Viséier geholl ginn ass. D'Iddi entstoung fir doranner e Business Center opzemaachen, deen et erlaabt jonken Entreprises gënschteg Büroreim ze lounen. Pompjeeëscorp & d'Muséksgesellschaft Harmonie Useldeng sinn dunn erausgeplënnert an an de neie Centre Administratif komm. Elo gëtt fläisseg geschafft an deemno misst Ufank Hierscht 2017 d'Diren fir nei Betriber opgoen. Nei Betriber, nei Aerbechtsplazen, nei Opportunitéiten. Deemno wann Dir interesséiert sidd, da melt lech huerteg well d'Konzept huet gegruff an déi éischt Demanden si schonn agelaf.



GEMENG USELDENG

2, rue de l'Église | L-8706 Useldange
T +352 23 63 00 51 | F +352 23 63 82 27
technique@useldeng.lu | www.useldeng.lu



BUSINESS CENTER USELDANGE

LE ROYAUME DES JEUNES ENTREPRISES



KIRCHBERG > 25 MIN
MERSCH > 12 MIN
ETTELBRUCK > 19 MIN
REDANGE > 9 MIN
WILTZ > 32 MIN






Disponibilité: Automne 2017 • Surface de bureaux variable de 30 à 200 m²
Locaux communs équipés • Loyer modéré • Parking gratuit
High Speed Internet • Bâtiment rénové énergétiquement

Les bureaux peuvent encore être aménagés selon les besoins des premiers occupants.

PERSONNE DE CONTACT: MARC FERBER - technique@useldeng.lu - T 23 63 00 51-22



GEMENG USELDENG
www.useldeng.lu



Syndicat Intercommunal
"De Récléner Kanton"

25.11

19h00 - 23h00

**MARCHÉ DE NOËL
À L'ARDOISIÈRE**

sur le site des anciennes
Ardoisières de
Haut-Martélange

26.11
17h00-23h00

MARCHÉ DE NOËL
À L'ARDOISIÈRE

sur le site des anciennes
Ardoisières de
Haut-Martelange

27.11
11h00-18h00

MARCHÉ DE NOËL
À L'ARDOISIÈRE

sur le site des anciennes
Ardoisières de
Haut-Martelange

27.11
14h00

BAZAR
GEMENG SËLL

organisieret vun de
Fraen a Mammen

9.12
18h00-24h00

CHRËSCHTMAART

op der Buerg zu Useldeng

10.12
16h00-21h00

CHRËSCHTMAART

op der Biekere cher Millen

10.12
11h00-24h00

CHRËSCHTMAART

op der Buerg zu Useldeng

10.12
17h00

DE RANDSCHELTER
ADVENTSMAART

11.12
11h00-18h00

CHRËSCHTMAART


op der Biekerecher Millen

22.12

CHRËSCHTMAART

am Réidener Lycée

DE RÉIDENER KANTON WËNSCHT IECH ALL
SCHÉI FÉIERDEEG AN E GUUDE RUTSCH AN DAT NEIT JOER!



KANNERWONSCHBAM

ARBRE DE VOEUX POUR ENFANTS

ACTION DE SOLIDARITÉ « KANNERWONSCHBAM »

L'arbre des vœux pour enfants, âgés de 0 à 12 ans, sera placé à l'accueil de votre maison communale.

Les membres du Club Soroptimist Mosaïk y fixeront les étoiles avec les vœux des enfants que les personnes bénéficiaires ont retirées auprès de l'Office social du Canton de Redange. Les critères d'obtention sont fixés par l'Office social.

Les personnes désirant soutenir cette action peuvent le faire en choisissant une étoile et en réalisant l'achat du cadeau ou elles peuvent faire un don sur le compte du Club Soroptimist Mosaïk qui s'occupera de l'achat des cadeaux.

Les cadeaux seront déposés sous l'arbre de vœux installé à la Maison Worré :
11, Grand-Rue, Redange.

Pour tout renseignement : 26 62 1055-1

MERCI



SI VOUS VOULEZ OBTENIR UN CADEAU POUR VOTRE ENFANT



Rendez-vous à l'Office social du Canton de Redange, muni de l'accord du Fonds National de Solidarité concernant l'allocation de vie chère 2015
où :
11, Grand-Rue,
L-8510 Redange



Vous y recevrez une étoile
Inscrivez ou collez le vœu de votre enfant sur cette étoile
Déposez cette étoile jusqu'au 21 novembre à l'Office social



Retirez le cadeau à la Maison Worré, entre le 17 et le 21 décembre
où :
11 Grand-Rue,
L-8510 Redange



SI VOUS VOULEZ SOUTENIR CETTE ACTION



Choisissez une étoile sur l'arbre de Noël placé à l'accueil de votre maison communale avant le 5 décembre



Achetez le cadeau indiqué par l'enfant sur l'étoile

Cadeaux de moins de 50€. Jouets, jeux de société, livres, pas de jeux électroniques pour consoles sauf ceux à titre éducatif



Déposez le cadeau à la maison communale avant le 15 décembre

ou bien

Faites un don par virement sur le compte du Club Soroptimist Mosaïk avec la mention «Kannerwonschbam», CCPL LU08 1111 1575 6133 0000

WÉI VILL SCHRÉTT MAACHT DIR AM DAG?

De Mënsch geet zënter 4 Milliounen Joren: de Neandertaler ass am Duerchschnitt ee Marathon am Laf vun engem Dag gaang fir genuch lessen zesummen ze kréien, haut läit den deeglechen Duerchschnitt bei ronn 1000 Schrëtt, also ronn 650 Meter.



Dass mir ëmmer manner ginn, do sinn ënner anerem eis Büro-Arbeitsplazen, eis héich Nutzung vum motoriséierte Verkéier sou wéi TV & Computer Schold. Bewegungsmangel ass nach virum Fëmmen an der schlechter Ernährung di heefegst Ursach fir Krankheeten.

Den Alterungs-Wëssenschaftler Dr. Irwin Rosenberg huet be-

wisen, dass just regelméisseg kierperlech Aktivitéit de biologeschen Alterungsprozess kann ophalen.

Dowéinst recommandéiere vill Sports-Medeziner an och d'Weltgesundheitsorganisatioun (WHO), fir **all Dag mindestens 10.000 Schrëtt ze goen**. Dat Flott ass, dass een dëst ganz lücht kann an den Alldag integréieren.

Wéi kommen ech all Dag op meng 10.000 Schrëtt?

10.000 Schrëtt entspréche jee no Schrëtt-Gréisst enger Streck zwëschen 5 an 8 Kilometer. Den Dag bitt och am Büro vill Bewegungsméiglechkeeten un:


- Den Auto zumindest op kuerzer Strecke stoe loossen;
- Eng oder zwou Bus-Haltestellen éischer erausklammen an dat lescht Stéck ze Fouss goen;
- Mat de Kanner an d'Schoul oder op d'Bus-Haltestell goen, am Plaz se ze féieren;
- Rulltrap a Lift vermeiden, léiwer d'Trap benotzen;
- An der Mëttesstonn een Tour em de Quartier dréinen;
- Um Büro mindestens all Stonn eng Kéier opstoen a sech e bësse beweegen;
- D'Den Aarbechtskolleg/in net uruffen, mee perséinlech bei si/hie goen.

Fir ze checken, ob een effektiv seng 10.000 Schrëtt erreicht huet, kann ee sech ee Schrëtt-Zieler kafen.

Firwat soll een all Dag 10.000 Schrëtt maachen?

- Verhënnert Krankheete wéi Häerz-Kreislafkrankungen, Récke-Problemer, Diabetis, Kriibs, Arthrose, Osteoporos an Depressiounen.
- De "schlechte" Cholesterol (LDL) geet erof an de "gudde" Cholesterol (HDL) geet erop.
- De Blutdruck geet erof.
- Et beugt Iwwergewicht vir an hëlleft beim ofhuelen.
- Et erhéicht d'Wuelbefannen a baut Stress of.
- Et schléift ee besser.
- Et spuert ee Sue, well ee manner Auto fiert.
- Et entlaascht eis Gesellschaft, well et manner Kranker ginn.
- Et mécht een eppes fir d'Ëmwelt, well manner Ressource verbraucht ginn a manner Emissiounen entstinn.

Wéi vill Meter geet ee Mensch am Duerchschnitt pro Dag?



KlimaPakt

meng Gemeng engagéiert: sech



**SYNDICAT INTERCOMMUNAL
"DE RÉIDENER KANTON"**

Caroline Schmit | Conseillère Pacte Climat
33, Grand-Rue | L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22

caroline.schmit@reidener-kanton.lu | www.klima.lu

BIO VUN HEI!

Visite bei biologische Betriber aus eisem Kanton, kommt mat!

Bio a regional Liewensmëttel sinn ëmmer méi gefrot zu Lëtzebuerg, di national Produktioun huet awer Krämpes der Nofro gerecht ze ginn. Zu Lëtzebuerg ginn aktuell nëmmen 3,21% vun der Landwirtschaftlecher Notzfläch no biologische Kritäre bewirtschaft. 2015 goufen et 119 Bio-Produzenten zu Lëtzebuerg.

De Klimapakt vum Réidener Kanton organiséiert am Wanter a Fréijoer 3 Visite bei Bio-Betriber aus eisem Kanton, déi och Member vu Bio-Lëtzebuerg sinn.

Kommt mat op eis Visiten a léiert Bio-Produzenten an hier Produkter besser kennen!

Umeldung a mei Info:

T 26 62 08 01 22

caroline.schmit@reidener-kanton.lu



Geméis
Tessy Klein

Samschdes, 3. Dezember 2016
Biekerech
14h00-15h00



Fleeschkéi
François Patrick

Samschdes, 21. Januar 2017
Hueschtert
11h00-12h00



Schwäin a Mariendistelöl
Charel Goedert

Samschdes, 1. Abrëll 2017
Osper
14h30-15h30



KlimaPakt

meng Gemeng engagéiert sech



SYNDICAT INTERCOMMUNAL
"DE RÉIDENER KANTON"

Caroline Schmit | Conseillère Pacte Climat

33, Grand-Rue | L-8510 Redange/Attart

T +352 26 62 08 01 22

caroline.schmit@reidener-kanton.lu | www.klima.lu

4,5 HA FIR D'KOOPERATIV VUN DER ATERT!

Ënnerstëtzt eis Kooperativ

Et gi verschidde Méiglechkeeten:

1. Kommt eng Hand matupaken, oft, reegelméisseg, heiansdo, Dir sidd ALL häerzlech Wëllkomm.
